# SPROOCHENTEST
## Instruktiounen

INSTITUT NATIONAL DES LANGUES LUXEMBOURG

| | |
|---|---|
| Är perséinlech Fiche: | Kontrolléiert Är Donnéeën. Verbessert, wann eppes falsch ass an ënnerschreift. |
| Login-Info: | Kontrolléiert bei Ärem Numm, ob d'Nummer vum Login an d'Nummer op der Fiche déi selwecht sinn.<br>Dir däerft Iech um Login-Blat Notten huelen, mee Dir musst d'Blat am Sall leie loossen. |
| Login an Test starten: | 1. Etapp: Tippt Är Kandidatennummer an Äert Passwuert an, loggt Iech a mat "Start".<br>2. Etapp: Start de Sproochentest mat „Test starten". |
| Den Test: | Wann den Test start, gesitt an héiert Dir d'Instruktiounen. Duerno geet den Test un a kann net gestoppt ginn. Dir gesitt an héiert d'Froe vum Exercice 1 a kënnt äntweren.<br>Oppassen: Duerno kënnt automatesch den Exercice 2 an 3. Dir kënnt net zeréckgoen. D'Äntwerte ginn zum Schluss automatesch gespäichert. |

All Kandidat huet en aneren Test. Dat heescht, dir sidd net all zur selwechter Zäit fäerdeg. Wann den Test fäerdeg ass, bleift wgl. sëtzen, bis all d'Kandidate fäerdeg sinn.
Wann den Test ufänkt, däerft dir keng Froe méi stellen. Dir däerft net schwätzen an net mat anere Kandidate kommunizéieren, soss gitt Dir disqualifizéiert.

Mir wënschen Iech vill Gléck!

Wichteg Informatiounen →

# SPROOCHENTEST
## Wichteg Informatiounen

INSTITUT NATIONAL DES LANGUES LUXEMBOURG




Et leeft e Countdown.
Dir gesitt, wéi laang den Exercice nach dauert.



Op der Säit kënnt Dir den Toun méi haart oder méi lues maachen.

Dir musst erofscrollen, fir all d'Froen ze gesinn.

Instruktiounen